adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

An engem rezenten Interview, deen den 12. Juli ënnert dem Titel "même droits et mêmes obligations pour tout le monde" am Tageblatt publizéiert gouf, sot de Generalsekretär vun der "Fédération des artisans", datt verschidden Handwierksbetriber d'Iddi an d'Gespréich bruecht hätten, fir opgrond vun der ugespaanter Situatioun um Wunnengsmaart eege Logementer fir hir Mataarbechter bereet ze stellen, mee datt si doropshin "Paternalismus" virgehäit kruten an hinnen ënnerstallt gouf, "Aarbechterstied" wëllen ze ariichten. Dobäi handelt et sech hei em e Modell, fir dee mir zu Lëtzebuerg notamment de Prezedenzfall vun der ARBED kennen, déi am Minett groussflächeg Logementer fir hir Mataarbechter bereetgestallt hat. Den uewen zitéierten Interviewgaascht kéint sech duerfir virstellen, fir eng Konventioun mam Logementsministère ze ënnerschreiwen, fir dëse schlechten ëffentlechen Image ze verbesseren.

Duerfir géif ech dem Här Logementsminister gär des Froe stellen:

1) Sinn dem Här Logementsminister des Iwwerleeunge bekannt? Wa jo, kann hien d'Positioun vun der Regierung an der Saach elaboréieren?
2) Kéint den Här Logementsminister sech virstellen, eng privat-staatlech Initiativ ze lancéieren, fir de privaten Acteuren hei notamment en einfachen administrative Kader an eng entspriechend ëffentlech Opklärungsaarbecht ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**